



Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°6140 vum 4. Mee 2022 vum éierwäerten Deputéierten André Bauler iwwert "Construction d'un pont dans le centre nature et forêt Burfelt"

Ass den Ëmweltministère scho mat dësem méigleche Projet befaasst ginn? Wa jo, wéi bewäert de Ministère dëse Projet?

Et gouf eng éischt Entrevue tëscht dem Buergermeeschter vun der Gemeng Bauschelt an de lokalen a regionale Verrieder vun der Naturverwaltung (ANF) ufanks 2021, an där sech een éischten Iwwerbléck verschafft gouf, wat d'Geneemegungsprozeduren ugeet.

Am Hierscht 2021 war dunn eng Entrevue mat de Gemengeresponsabelen, der deemoleger Madamm Ministesch Carole Dieschbourg an de Beamte vun der ANF, Verrieder vun der Waasserverwaltung a Conseillere aus dem Ministère. An der Reunioun huet d'Madamm Ministesch der Gemeng gesot, si kéinten um Projet weiderschaffen a sech mat de regionale Beamten um Terrain austauschen, woubäi de Projet einfach gehale sollt ginn a sech diskret an d'Landschaft sollt upassen. Déi néideg Etüden missten natierlech den Impakt op d'Natur bewäerten.

Huet den Här Minister d'Méiglechkeet fir dëse Projet, deen och ënner bestëmmte Bedéngungen an den Déngecht vun der duusser Mobilitéit gestallt kéint ginn, ze subventionnéieren - och wann en net direkt un den nationale Vëlosréseau ugeschloss ka ginn?

Fir kënnen ee Subsid fir de Bau vun engem Vëlositinéraire beim Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ze kréien muss gewësse Konditiounen erfëllt sinn. Den Artikel 7 vum modifizéierte Gesetz vum 28. Abrëll 2015 iwwert den nationale Vëlosreseau leet hei de Kader fest a wéienge Fäll d'Gemengen ee Subsid an Usproch kënnen huelen.

Deen vun de Gemenge proposéierten Itinéraire muss gewëssen technesche Konditiounen entspriechen, déi am Artikel 3 vum genannte modifizéierte Gesetz festgeluecht sinn. Den Itinéraire muss ee Raccord/eng Ubannung un den nationale Vëlosreseau virgesinn (dat heecht de Vëlositinéraire soll eng Agglomeratioun oder een Deel vun enger Agglomeratioun un den nationale Vëlosreseau ubannen). D'Koherenz vum nationale Vëlosreseau muss duerch dësen Itinéraire gestärkt ginn.

D'Uschlëss, déi d'Gemenge kreéiere fir den nationale Vëlosreseau un een auslännesche Vëlosreseau unzebannen, kënnen och ee Subsid kréien. Dëst gëllt fir deen Deel vum Itinéraire, deen um lëtzebuergeschen Territoire läit.

Am Sënn vum modifizéierte Gesetz vum 28. Abrëll 2015 erfëllt déi vum honorabelen Deputéierten thematiséiert Hängebréck iwwer de Stauséi an der Héicht vum Buerfelt déi hei opgezielte Konditiounen fir eng staatlech Subventioun säitens dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten net.

Gouf et do schon am Virfeld Kontakter mam Naturpark, de Gemengen an dem Tourismusministère? Wa jo, wat ass d'Resultat dovunner?

De 27. Januar 2022 gouf et eng Entrevue tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Bauschelt, Verrieder vum Naturpark Uewersauer an der Generaldirektioun fir Tourismus. An dësem Kader gouf den Avant-Projet vun der Passerelle virgestallt. Et gouf sech dorop gëeent, datt d'Generaldirektioun fir Tourismus an enger éischerter Phas am Kader vum 10. "Plan quinquennal" eng preliminär Etüd vun der Gemeng Bauschelt ko-finanziert.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung